

Mir sinn also net an enger Situatioun wou d'Initiativ ka vun der Exécutive ausgoen. D'Initiativ geet an alle Fäll vun der Législative aus an dat huet natierlech och Konsequenze wat de ganzen Oflaf vun der Prozedur ugeet.

Déi zweet Bemierkung wollt ech maachen zum Referendum. Do wëll ech ganz kloer soen, dass op jidde Fall a mengem Verständnis et esou ass, dass mat där heiter Form vu Referendum net definitiv all Froen ofgehaakt sinn, déi insgesamt mam Referendum, mat der Volleksinitiativ zu Lëtzebuerg zesummenhänken. Dat ass en aneren Artikel an der Verfassung, deen ausdrécklech d'Méiglechkeet vum Referendum virgesäit. Deen ass net ausser Kraaft gesat mat deem neien Artikel 114. Dat heescht, ech kënnt mer duerchaus virstellen, dass mer an där Hypothese vun der Verfassungsrevisioun eng Form vu Referendum hate mat hire spezifesch Regeln, an op där anerer Säit awer och dozou missten iwwergoen, dass mer déi Loi organique, déi d'Konstitutioun virgesäit fir de Referendum ze regelen, och missten treffen an do kann een aner Hypothese, aner Regele virgesi wéi dat hei am Artikel 114 de Fall ass.

Wat den drëtte Punkt ugeet vum Quorum, do muss ee feststellen, wann ee kuckt wat an deenen anere Verfassungen steet, dass déi weinegst Länner eng Quorumsregelung hunn. Just d'Belsch huet dat nach, vläicht och nach Holland. Ech hunn dat net iwwerpréift, mä déi meescht hunn einfach nëmmen eng qualifizéiert Majoritéit. Déi Quorumsregelung fënnt ee ganz weineg erëm. Dat ass also eng Fro wou ee sécherlech kann driwwer diskutéieren.

Ech wëll allerdéngs och soen, dass bis elo, ouni dass dat an den Texter esou stong, déi Quorumsregelung vun 3/4 et eigentlech méiglech gemaach huet, dass eng relativ kleng Minoritéit de blocage an der Chamber bestanen huet. Dat heescht, duerch de Fait dass méi wéi e Véirel vun den Deputéierten aus dem Sall geet an net Deel hält un den Ofstëmmungen, konnt eng staark Minoritéit eng Verfassungsännerung bloquéieren.

Et muss een also wëssen, ob een dat wëllt bäibehalen oder net. Wa mer elo d'Quorumsregelung sträichen, dann ass dat net méi de Fall, dann ass de Blocage bei 1/3 plus eent.

M. le Président.- Dir Dammen an Dir Hären, domat ass de Punkt ofgeschloss a mir kommen zu de Propositions de loi 4769 a 4770 vum Här Lucien Lux, deen d'accord ass, dass mer déi matenee behandelen.

Et si bis elo ageschriwwen: déi Häre Glesener a Jaerling. D'Wuert huet fir d'éischt den Auteur vun de Propositions de loi, den Här Lucien Lux.

6. Proposition de loi 4769 de M. Lucien Lux portant modification de la loi modifiée du 12 mars 1973 portant réforme du salaire social minimum

Proposition de loi 4770 de M. Lucien Lux portant modification de la loi modifiée du 19 juin 1985 concernant les allocations familiales et portant création de la caisse nationale des prestations familiales

Présentation

M. Lucien Lux (LSAP), auteur.- Merci, Här President, Kolleegen a Kolleeginnen, déi zwou Propositions de loi 4769 a 4770 sinn noutwendeg ginn aus e puer Ursaachen.

Engersäits hu mer am Januar an eiser éischter Sitzung hei d'Proposition de loi 4709 vum Rôle erof geholl, déi virgesinn hat, fir den 1. Januar 2001 schonn eng Rei vu soziale Begleetmoosnamen zur Steuerreform ze huelen. Vu dass deen Datum elo eriwwer ass a bei der Mindestlounerhéijung den éischten Deel vun där Proposition,...

(Interruptions)

...déi Erhéijung vun 3,1 %, den 1. Januar 2001 a Kraaft getratt ass, ass et noutwendeg ginn, fir déi Propositionen ze renouveléieren an och zwou Propositionen ze maachen.

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Ech géif lech bieden, e bëssche méi opmierksam ze sinn!

M. Lucien Lux (LSAP), auteur.- Dat war noutwendeg, well et jo méiglech ka sinn, dass an eenzelne Fraktiounen en Accord kéint fonnt ginn, fir d'Mindestlounerhéijung ze ënnerstëtzen, awer net d'Kannergelderhéijung, oder ëmgedréit. Dofir war och d'Proposition vun der Technik hier, fir dat léiwer an zwou Propositionen ze maachen, déi awer, wéi gesot, ee Ganzt duerstellen.

Den Ausgangspunkt bleift nach ëmmer deen - dofir maachen ech et och ganz kuerz de Moien -, dass déi Steuererlichterungen, déi mer den 1. Januar 2001 duerch bruecht hunn, an déi Steuererlichterungen, déi virgesi si fir den 1. Januar 2002, et an eisen Aen noutwendeg maachen, fir ze verhënneren, dass eng sozial Schiefelag entsteet an der Verdeelung vun de Friichte vun der Croissance, dass mer Begleetmoosnamen huelen, engersäits um Niveau vum Kannergeld an anerersäits um Niveau vum Mindestloun.

Ech wëll nach eng Kéier drun erënneren, dass besonnesch an der Tëschenzäit ëm déi 35.000 Leit hei am Land um Mindestloun bezuelt ginn, dass dee Chiffer och an deene leschte Méint weider an d'Luucht gaangen ass an dass mer bal bei enger Populatioun vun 18 % vun de gesamte Salariéen hei am Land sinn, déi de Mindestloun kréien. Natierlech ass et och kloer, dass all déi, déi bestuet sinn oder Kanner hunn, och déi Populatioun duerstellen, déi vun de Steiererlichterungen näischt huet, well se duerch déi successiv Augmentatioun vum steierfräie Minimum haut och keng Steiere méi bezuelen.

Datselwecht géllt och fir ganz vill Familien, déi vun där Croissance vun 8,5 %, déi mer d'lescht Joer haten, vun de Recetten, vun engem Plus vun 13 %, och vun der Augmentatioun vun der Kompetitivitéit an deene leschten 10 Joer, déi bei ronn 10 % louch, net profitéieren. Ech hunn e puermol hei versicht ze argumentéieren, dass mer, wéi 1991, dee Versuch nach eng Kéier sollte maachen, och dës Kéier e Paquet social derbäi ze setzen, fir no bausse kloer ze maachen, dass mer jiddferee wëllen dorunner bedeelegen.

Et sinn am Laf vun deene leschte Wochen a Méint Fuerderungen an Hiweiser an déi Richtung gaangen, fir d'Noutwendegkeet vun engem Paquet social opzeweisen. Ech ginn net méi an op déi Aussoe vum Partonat anlässlich vun der Augmentatioun vum Mindestloun. Ech géif awer mengen, dass et net nëmmen d'Gewerkschafte waren oder d'Beruffskummere vum Salariat, mä och de Conseil d'Etat, deen zum Beispill a sengem Avis iwwert de Statsbudget gesot huet:

„Ce paquet fiscal devrait par ailleurs être accompagné d'un ensemble de dispositions sociales développées en parallèle et introduites avec le paquet fiscal le jour de la mise en circulation. Le Conseil d'Etat regrette que les réflexions et développements ainsi annoncés n'aient pas pu avoir lieu, ce qui aurait pu apporter à l'ensemble du travail législatif de cette manière un surplus de cohérence et de bien-fondé.“

Ech mengen, et hunn och eng ganz Rei aner Kreesser, déi ech anlässlich vun den Debatten am Dezember hei zitéiert hunn, an déiselwecht Richtung argumentéiert. Et huet een d'Gefill, datt och an der Regierungsmajoritéit et deem engen oder aneren ufänt ze dämmen, dass et vläicht awer noutwendeg wär, eng méi gerecht Logik an d'Ëmverdeelung eran ze bréngen.

Wann ech gesinn, dass déi éischte Kéier déi zoustänneg Kommissioun fir de Mindestloun, déi vum Travail et de l'Emploi, an hirem Rapport gesot huet, dass et noutwendeg wär, déi Proposition de loi 4709 ze berücksichtegen, a letztlech vum zweeten Deel vun der Steuerreform; wann ech gesinn, dass mer am

Dezember hei an der Chamber à l'unanimité eng Motioun gestëmmt hunn, déi d'Regierung invitéiert „à réexaminer les éléments contenus dans la proposition de loi 4709“ - also voluntaristesche Mindestlounerhéijung plus Kannergelderhéijung - „dans le cadre de la réforme fiscale de l'année 2002 conformément au souhait exprimé par la commission parlementaire compétente“ - dat hu mer also eestëmmege hei votéiert -, da ginn ech net dovun aus, dass dat nëmme sollt e Lippenbekenntnis sinn, fir dass mer schnell an d'Vakanz géife kommen, mä dass dat éierlech gemengt war vun alle Säiten hei am Haus, fir dann och wierklech an déi Richtung ze goen.

Et ass interessant feststellen, dass d'Regierung, nodeem se den éischten Deel vun der Steuerreform iwwert d'Bühn bruecht hat, dann op eemol annonciéiert Ufanks dës Jors, dass se elo am Mäerz, Abrëll géif mat de Sozialpartner eng Ronn dréien, fir iwwert de Sozialpaquet ze diskutéieren an dass dann, wa méiglech bei där grousser Mass, déi den Etat de la Nation wäert sinn, den 3. Mee - wann ech et gutt am Kapp hunn - de Statsminister dat hei géif proposéieren.

Ech mengen, wann dat dann esou ass an et an déi richteg Richtung geet, dann ass et egal wéi ze begreifen. Allerdéngs bleift de Virwurf bestoen, dass et méi richteg gewiescht wär, dass, wann een de Paquet fiscal virgestallt hätt, een dann och gläichzäiteg de Paquet social derbäi gesat hätt. Dat war awer héchstwahrscheinlech net méiglech, well mer jo wëssen, wéi dee Paquet fiscal am Summer zustane komm ass. Dat war jo ville Leit ze schnell gaangen an och d'Regierung hat net d'Zäit, fir sech och nach ze iwwerleeën, wat se um Niveau vun de soziale Begleemoossname soll maachen.

(Interruption)

Op där anerer Säit hätt et der Regierungspolitik - dat ass en Tuyau, deen een lech ka ginn - op jidde Fall méi Lisibilitéit ginn, wann een dat als eng coherent Politik dohinner gestallt hätt, sou wéi de Statsrot dat och selwer gesot a geschriwwen huet, wéi dat elo de Fall ass.

Et ass dann iwwerens och interessant, dass zwar hei an der Chamber am Dezember géint eng Erhéijung vum Kannergeld argumentéiert ginn ass, dass et awer nëmme gedauert huet bis den 11. Februar 2001. Um Kongress vum CSV-Südbezirk huet de Statsminister - hie mécht dat déi lescht Zäit jo öfters, dass e sech dohinner stellt an anere Ministeren op d'Plate-banden trëppelt an d'Rahm ewech hält - annonciéiert, ech zitéieren d'Lëtzebuerger Wort: „Desweiteren teilte er ...“

(Interruption)

...mit, dass das Kindergeld im nächsten Jahr erhöht werde.“ An dann hunn ech gestaunt iwwer e Saz, deen ech bis haut nach net verstanen hunn; ech weess och net, ob d'DP e verstanen huet, mä déi wëssen héchstwahrscheinlech näischt dovun: „Dies soll dann allerdings nicht mehr in Gruppen geschehen, sondern alle Kinder sollen gleichgestellt werden.“ Wat dat genau heescht, konnt mer bis elo nach keen Interlocuteur soen, mä vläicht hutt der jo am Rahme vum Abrëll Zäit, fir den Här Juncker ze froen, wat en dann do wëlles huet.

(Interruptions)

Och d'Familljeministes ass bestëmmt frou, wa se weess, wat an hirem Ministère um Niveau vum Kannergeld soll geschéien.

Ofschléissend wëll ech soen, dass eis Virschléi am Rahme vun dësen zwou Propositione sinn, fir de Mindestloun den 1. Januar 2002 - wou a sech am Rhythmus vun deenen zwee Joer keng Mindestlounerhéijung geschëlt ass, well mer de Retard vun 1997 an 1998 jo fir den 1. Januar 2001 virgeholl hunn - eng voluntaristesche Augmentatioun ze maachen, virun allem - ech betounen dat nach eng Kéier - am Licht vun de Steiererlichterunge fir d'Betriber, wou d'Virhabe vun der Regierung ass, fir d'betrieblech Besteuerung en moyenne vu 37 an eppes Klengs erof ze huelen op 30 %. Dat ass jo och gëschter am Rahme vun der Debatt iwwert d'PMEE vun der Regierung nach eng Kéier bekräfigt ginn, dass se dat Zil nach ëmmer am A huet.

Ech mengen, do entsteet dann deen Oxygène och an der Economie, deen et erlaabt, fir deene klengsten an der Lounhierarchie vun den Entreprises, en tenant compte dass et virun allem déi sinn, déi net duerch Kollektivverträg ofgedeckt sinn, e klengen Deel vun där Croissance an deem fiskalen Oxygène mat ze ginn.

Schlussendlech gesäit déi zweet Proposition also vir, fir déi Augmentatioun vum Kannergeld, déi virgesinn hat fir 1.000 Frang pro Kand pro Mount ze maachen 2001/2002, ze décaléieren ëm ee Joer, a se da virzehuelen op den 1. Januar 2002 an den 1. Januar 2003.

Merci.

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Marcel Glesener agedroen. Den Här Glesener huet d'Wuert.

Discussion

M. Marcel Glesener (CSV).- Här President, Kolleginnen a Kollegen, ech wëll am Numm vu menger Partei Positioun bezéien zum Lucien Lux...

(Interruptions)

...senger Proposition de loi zum Mindestloun. Ech huelen un, dass nach ee vu menge Kollegen iwwert d'Kannerzoulag schwätzt.

Den Här Lux huet am Dezember bei Geleeënheet vun den Debatten, déi mer haten iwwert den Ajustement vun de Pensiounen an de Mindestléin, an der Kommissioun zwee Virschléi gemaach: éischters fir den Zweejoresrhythmus vun den Ajustementen op ee Joer ze reduzéieren, an zweetens fir den 1. Januar 2002 direkt eng Erhéijung vum Ajustement fir d'Mindestléin virzezéien an zwar op 3,5 %.

Mir hunn deemools an der Kommissioun majoritär décidéiert, datt mer net géifen am Dezember déi Décisioun huelen. D'Regierung huet gesot, datt een am gegebene Moment soll driwwer nodenken, ob et opportun a méiglech wier, am Rahme vun den Debatten iwwert d'Steiererlichterunge fir d'Betriber, och Moosnamen ze huelen, fir en zousätzlechen Ajustement fir d'Mindestléin ze décidéieren.

Dat war d'Ausso vun der Regierung a mir hunn deemools an der Kommissioun majoritär festgehalten, datt mer elo keng Décisioun géifen huelen, mä datt mer le moment venu, wann an der Chamber déi Diskussiounen géifen ulafen iwwert d'steierlech Ofsenkungen zu Gonschte vun de Betriber, wann d'Opportunitéit géif bestoen, da gläichzäiteg déi sozial Moosnam do och géife beschléissen, dat heescht een extraordinären Ajustement vun de Mindestléin op den 1. Januar 2002 virzehuelen.

Dat war d'Positioun, an op Grond vun där majoritärer Haltung, déi mer an der Kommissioun an och hei an der Chamber haten, hu mer déi Motioun unanime gestëmmt, wou mer d'Regierung bidden - well d'Regierung dat och schonn avancéiert hat -, ze iwwerleeën, ob et net ubruecht wier, um Enn vun dësem Joer en zousätzlechen Ajustement vun de Mindestléint virzehuelen.

(Interruption)

Dat war d'Haltung, déi mer als Partei am Dezember ageholl haten, an dorunner huet sech jo och bis haut nach näischt geännert. Et ass jo net esou, datt mer haut hei ze décidéieren hunn, ob mer fir oder géint déi Proposition vum Lucien Lux stëmme. Haut ass d'Presentatioun dovunner, an da geet se op den Instanzewee, d'Avie vun de Berufschambere gi gefrot, den Avis vum Statsrot gëtt gefrot, si kënnen an d'Kommissioun zrëck an da gesi mer an der Kommissioun, wéi mer da weider verfueren.

D'Haltung vun eiser Partei ass also identesch mat där vum Dezember d'lescht Joer, wou mer gesot hunn, datt mer le moment venu solle beroden an diskutéieren, ob mer fir den 1. Januar 2002 sollen een zousätzlechen Ajustement fir d'Mindestléin déci-

déieren oder net, an dat am Rahme vun den Diskussiounen iwwer steierlech Erlichtunge fir d'Betriben.

Eng Klammer nach: Am Zesummenhang mat den Ajustementë steet jo och déi Fro um Rentendesch zur Diskussioun, well jo och proposéiert gëtt fir den zweejäregen Ajustement vun de Pensiounen op ee Joer ze reduzéieren. Dat ass ee Ganzt. Mir kënnen eis net virstellen, datt mer géifen d'Pensiounen all Joer ajustéieren, d'Mindestlén all zwee Joer an d'Leit déi dobaussen an de Betriber schaffen och all zwee Joer, esou datt ee muss kucken, fir do eng koherent Linn ze fannen. Ech sinn och iwwerzeegt, datt mer do zu Konklusione kommen.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Een Argument méi firwat Dir hätt missen um Rentendesch sinn.

M. Marcel Glesener (CSV).- Dir sot et.

Här Lux, ofschléissend wëll ech nach eng Kéier soen, datt d'Haltung vun eiser Partei ganz kloer ass. Mir diskutéieren le moment venu iwwert d'Opportunitéit fir een Ajustement virzezéien oder net.

Ech soen lech merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Nächsten Diskussionsriedner ass den Här Niki Bettendorf. Den Här Bettendorf huet d'Wuert.

M. Niki Bettendorf (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zu den zwou Propositione vum Här Lux wäert ech mech ganz kuerz faassen. Fir d'alleréisch wat d'Augmentatioun vum Kannergeld ubelaangt, muss ech him soen - an ech huelen un, datt och nach ee vun de Kollege vun der CSV him dat soe wäert -, datt d'Familljeministes eng Etüd maache léisst iwwert d'Transferts sociaux, a bei den Transferts sociaux fält d'Kannergeld mat drénner.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Schon erëm eng? Här Bettendorf, mir hunn nach net iwwert déi diskutéiert, déi virun zwee Joer gemaach ginn ass!

(Coups de cloche de la Présidence)

M. Niki Bettendorf (DP).- Ech muss soen, datt ech et dee richteg Wee fannen, wann e Minister eng Etüd maache léisst, genau wéi bei de Renten, wou mer einfach net virun de Won gespronge sinn, mä wou mer d'Etüd beim BIT maache gelooss hunn. Déi leien elo vir, ob se gutt sinn oder net, mä et ass eng Basis wou ee kann driwwer diskutéieren. An den nächste Méint gi mer effektiv un de Rentendesch a mir si frou, datt mer an där Etüd gewise kritt hunn, wat machbar ass a wat net. Mir kënnen also en connaissance de cause doriwwer diskutéieren. Ech fannen, datt dat dee richteg Wee ass.

Et ass wahrscheinlech net esou, datt mer hei mussen elo virun de Won sprangen, wou mer jo am Laf vun

dësem Joer - an dat huet d'Mme Minister mer geschéit nach gesot - wäerten d'Resultater vun där Etüd kréien.

Zu der zweeter Proposition vum Här Lux iwwert d'Erhéijung vum Mindestloun: Mir hunn am November doriwwer geschwat. Mir hunn am Dezember driwwer geschwat. Mir hunn de Mindestloun den 1. Januar 2001 ëm 3,1 % erhéicht. Ech muss soen, datt ech den Här Lux verstinn. Hien huet vollkomme Recht, datt mer elo schonn erëm eng Kéier iwwert eng nei Augmentatioun schwätzen.

Hien ass an enger anerer Logik wéi anerer heibannen. Hien ass an enger walpopulistescher Logik. Hien huet leider bei de leschte Wale misse Folgendes feststellen: Wer zu spät kommt, den bestraft das Leben. Dat ass hinnen esou gaange mat hire Propositione fir d'Renten ze erhéijen; aacht Deeg virun de Wale. Dat war ze spéit. Hien huet also Recht fir éischter mat Propositionen an neie Versprechen unzefänken.

Zu senger Proposition: Wann ech mech géif a seng wielerpopulistesche Logik versetzen, da kéint ech natierlech net mat senger Proposition averstane sinn. Da muss ech ganz einfach soen, datt seng Proposition mir net wäit genuch geet.

Des voix.- Ah!

M. Niki Bettendorf (DP).- Wann ech mech awer an eng seriö Logik versetzen an héiere wat den Här Lux hei gesot huet, nämlech datt mer de Betriber Steierermäsegunge ginn hunn - dat si jo dann déi Béis -, fir datt se kënnen dobausse besser am internationale Konzern funktionéieren, da kréie mer elo ganz einfach gesot, datt mer dat wat mer hinne mat der rietser Hand ginn hunn, hinnen erëm mat der lénker Hand ewech huelen. Dat ass eng Logik an déi ech mech net ka versetzen. Dofir sinn ech mam Här Lux senger Propositionen op Krichsfouss.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här François Bausch agedroen. Den Här Bausch huet d'Wuert.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, iwwert dem Här Bettendorf säin Ausflug an d'Definitione vum Populismus wär jo elo hei viles ze soen. Ech fäerten awer ganz, wann ech dat misst en long et en large kommentéieren, vergläichend mat deem wat den Här Bettendorf selwer a seng Partei an der leschter Legislaturperiod hei gemaach hunn, da misst ech hei net 10 Minutte Riedezäit kréien, mä da misste mer wahrscheinlech hei eng Nuetssitzung aleeën, fir datt ech kéint alles kommentéieren wat an der leschter Legislaturperiod vu senger Partei hei erzielt ginn ass. Ech mengen, hien huet dat wahrscheinlech hei gesot, well hien e

schlecht Gewëssen hat par rapport zu all deene Versprieche, déi hie selwer a seng Partei an der leschter Legislaturperiod gemaach haten.

Ech fannen, dass dem Här Lux seng zwou Propositions de loi - ech fänke mat där éischter un -, virun allem déi vum Mindestloun, menger Ansicht no an och menger Fraktioun hirer Ansicht no, absolut keen Ausflug an de Populismus ass an och eigentlech iwwerhaapt näischt domat ze dinn huet, wéi den Här Bettendorf dat hei wollt zum Schluss beschreiwen, nämlech dass mer géife mat där enger Hand den Entrepreneuren dat ewech huelen, wat mer hinne mat där anerer Hand géinge ginn. Hien huet do d'Steiererlichterungen ugespillt, déi fir 2002 virgesi sinn.

Ech wëll drop hiweisen, dass wa mer d'Steierlaascht insgesamt fir déi grouss Betriber, well et dréit sech haaptsächlech ëm déi grouss Betriber déi hei wäerte profitéieren, vu bal 38 % Gesamtbelaaschtung op 30 % reduzéieren, an dat vergläiche mat de Bénéfissmeldungen, déi mer dëst Joer konnte feststellen - während deem éischten Trimester vun dësem Joer -, da kann ee feststellen, dass wahrscheinlech dat wat do zousätzlech ab deem nächste Joer fir d'Betriber erakënnt, a kengem Verhältnis zum Käschtepunkt steet, dee fir d'Betriber géing ufalen, wa mer dem Här Lux seng Proposition de loi géingen ëmsetzen.

Ech stellen awer op där anerer Säit fest, dass wa mer iwwert déi Leit diskutéieren - an do komme mer erëm eng Käier zrëck op de Buedem vun den Tatsachen -, ëm déi et sech hei dréit, Leit déi tëschent 50.000 an 53.000 Frang brutto de Mount Revenu hunn, an dat parallel zu den Erfolgsmeldungen kucken, déi vu Betriebsäit an deene leschte Méint festgestelt waren, dann huet dat e batteren Nogesmaach. Ech hoffen, dass alleguer déi Leit dobaussen, déi do betraff sinn a wierklech ganz vill Schwieeregkeeten hu fir d'Ecker an d'Ennen zesummenzekeréien - am Contraire zu där anerer Kategorie vun där den Här Bettendorf geschwat huet -, dass se dat gutt nolauscheren, an dass se och kënne feststellen, dass eigentlech nom Antrëtt an d'Regierung vun der Demokratescher Partei, d'Demokratesch Partei hiert Schofsfell erëm eng Käier an de Schaf geluegt huet, an zum Wolleff ginn ass fir déi nämlech wou se nach ëmmer stungen, nämlech fir déi Räich a Superräich an eigentlech ganz weening ze dinn hu mat Sozialpolitik.

(Interruptions)

Mir sinn als Gréng do op alle Fall enger ganz anerer Meenung, Här President. Mir sinn der Meenung, dass et effektiv duerchaus berechtigt ass, fir déi do Kategorie vu Leit och un deem enorme gesellschaftleche Räichtum ze bedeelegen, deen am Moment zu Lëtzebuerg produzéiert gëtt. D'lescht Joer ass eis Economie, eise Produit intérieur brut, ëm 8,5 % gewuess, Dir Dammen an Dir Hären, an déi do Kate-

gorie vu Leit huet rose weening dovun matkritt! Dat si ganz aner Kategorien déi dovun profitéiert hunn, mä op alle Fall net déi do. Mir fannen et absolut berechtigt, dass mer am nächste Joer do en Effort maachen, fir déi Leit och méi profitéieren ze dinn.

Wann hei d'Renteproblematik an dësem Kontext ugeschwat gëtt, da wëll ech drop hiweisen, dass et logesch ass an dat misst an der Zwëschenzäit jiddereen verstane hunn, dass een herno an der Rent nëmmen dat eraus kritt, wat een a senger aktiver Carrière abezuelt huet, respektiv verdéngt huet, well d'Rent gëtt herno jo op der Basis vun enger Carrière berechent déi ee säi ganz Liewen hat. Et si grad déi hei Kategorien, déi zum Beispill niddreg Renten hunn. Wann een also an deem do Mooss géint d'Erhéijung vum Mindestloun wiedert, oder fënnt dass et total onberechtigt wär fir dat do am Moment anzeféieren, da muss een och wëssen, dass een dat Wuert Rentegerechtigkeit guer net méi an de Mond ze huele brauch, well da muss ee wëssen, dass een dofir suergt, wann een nämlech grad hei näischt mécht, dass grad déi Leit, déi d'Suen am néidegste brauchen, och herno an der Rent am weeningste wäerte bäikreien.

Dofir muss een oppassen, wann een de Mond hei esou voll hält wann een iwwert de Mindestloun schwätzt. Et muss ee wëssen iwwer wat ee soll schwätzen, an et soll ee Vergläicher maachen déi och mateneen ze vergläiche sinn, an net Saache matenee vergläichen déi et eben net sinn.

Mir ënnerstëtzen op alle Fall déi Proposition de loi a mir hoffen, dass weinstens an der CSV, wou ech awer dovun ausginn, dass e Sozialgewëssen do ass, dofir gesuergt gëtt, dass an den nächste Joren an der Regierungskoalitioun déi hei sozial Raison sech wäert duerchsetzen, an dass de Mindestloun d'nächst Joer - 2002 - wäert an deem do Sënn erhéicht ginn.

Déi zweet Proposition de loi vun der Erhéijung vum Kannergeld geet eigentlech an dëselwecht Richtung. Ech wëll do just soen, dass mir dat och ënnerstëtzen, mä dass mer dobäi wëllen hunn, dass een do misst dee Parallelismus maachen, deen an der leschter Legislaturperiod gemaach ginn ass, nämlech gläichzäiteg den Abatement fir d'Kanner an der Steiertabell deementspreechend reduzéieren, esou wéi dat an der leschter Koalitioun an deene leschte fënnef Joer gemaach ginn ass.

Mir hunn dat ëmmer hei ënnerstëtzt an och gestëmmt, well mir dat dee richtege Wee fonnt hunn, well mir einfach der Meenung sinn, dass d'Familljepolitik méi selektiv a méi cibléiert kann iwwer sozial Transfert gemaach ginn, an net iwwer Steiertabellen. Dofir géinge mer hoffen, dass och an déi do Richtung dee Wee géing weiter beschratt ginn. Och do misst virun allem kënne déi Leit profitéieren, déi et am

néidegste brauchen. Et misst ee kënne méi selektiv virgoen.

Ënnert dem Stréch fanne mir déi zwou Propositions de loi eng gutt Saach. Wa se hei sollten zur Ofstëmmung kommen, wäerte mir se och stëmmen.

M. le Président.- Den Här Lucien Weiler huet d'Wuert.

M. Lucien Weiler (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mä Fraktiounskolleeg Marcel Glesener huet virdru gesot, datt bei deem wat de Mindestloun ubelaangt, eis Positioun sech net geännert huet vum Dezember op haut. Wa mer scho mol iwwert d'Propositione vum Här Lux diskutéieren, kann ech lech soen, datt, wat seng Proposition vum Kannergeld ubelaangt, och eis Meenung sech vum Dezember bis haut net geännert huet.

An deem Sënn wëll ech him eis Satisfaktioun ausdrécken, datt hien d'Suerg vun dëser Majoritéit fir eng Besserstellung vun de Famillje mat Kanner deelt. Mir si ganz frou doriwwer. Seng Proposition hält u sech en Deel vun deem wat am Koalitionsaccord festgehalten ass iwwert d'Kannergeld virewech. Ech wëll awer soen, esou wéi dat och ugekënnegt ginn ass an am Dezember gesot ginn ass, datt d'Regierung - d'Majoritéit - an dësem Joer Propositione maache wäert, wat d'materiell Besserstellung vun de Familljen ubelaangt, notament wat d'Kannergeld ubelaangt.

Ech hat am Dezember vun der familljepolitescher Fantasie vun dëser Regierung geschwat a gesot, datt mer eis kéinte virstellen, datt beim Kannergeld Mesurë géife proposéiert ginn déi méi wäit ginn, zum Deel och selektiv. Dat kënnt an der Proposition vum Här Lux eraus.

Den Här Lux huet den Etat de la Nation ugeschwat. Ech denken, datt d'Regierung am Kader vum Etat de la Nation hir Propositione mécht. Si zitt sech Ufanks Abrëll fir eng Sitzung an d'Abgeschiedenheit vum Schloss Sennengen zréck. Ech denken, datt an deem Kader déi Iddien, déi se huet, sech developpéiere wäerten an den 3. Mee hei konkretiséiert gi wäerten. Här Lux, Dir wäert gesinn, datt mer eis op enger Schinn befannen, an datt eis gemeinsam Suerg ëm d'Besserstellung vun de Famillje sech do decke wäert, an datt mer keng grouss Differenze wäerten hunn.

M. le Président.- Den Här Ben Fayot huet d'Wuert.

M. Ben Fayot (LSAP).- Här President, ech wollt net zum Fong eppes soen, mä just zur Prozedur wéi hei an der Chamber d'Propositions de loi behandelt ginn. Dat ass haut de Moie schonn am Här Mehlen senger Interventioun zum Virschäi komm. Den Här Glesener huet léif gesot, datt dat hei eréischt eng éischt Diskussioun wär, datt dat da géif an d'Kommissioun kommen an da krite mer d'Positioun vun der Regie-

rung a vum Conseil d'Etat an da kéint een dat alles zesummen diskutéieren. Wann et esou wär, da wär et schéin.

Mä éischens emol, konstatéiere mer, datt keen op der Regierungsbänk ass. Et steet hei op eisem Ziedel, datt de Gouvernement 10 Minutten hätt fir zu deene Propositions de loi Stellung ze huelen. Bon, et ass keen do. Dat ass äusserst bedauerlech.

Op där anerer Säit konstatéiert een, datt déi Propositions de loi, wa se bis eng Kéier hei no eiser Prozedur presentéiert gi sinn, definitiv vun der Bildfläch verschwannen. Éischens emol, well d'Regierung meeschtens keng Positioun dozou hält, de Conseil d'Etat sech och ganz vill Zäit hält fir dozou Stellung ze huelen, an dann ass meeschtens d'Legislatur schonn eriwwer an da bleift just nach fir se vum Rôle ze sträichen.

Dofir géif ech lech, Här President, bidden, an der Conférence des Présidents dofir ze suergen, dass déi parlamentaresch Initiativ, ob dat déi vun de Majoritätsdeputéierten ass oder vun den Oppositionsdeputéierten, hei an der Chamber eescht geholl gëtt. Dat ass och eng Fro vu Selbstverständnis vun dëser Chamber.

Merci.

M. le Président.- Ech sinn deelweis d'accord mat deem wat den Här Fayot seet, mä ech wëll awer och drop opmierksam maachen, dass d'Deputéierte selwer hir Propositione mussen esou eescht huele wéi d'Gesetzer, déi heihinner kommen. Esoubal eng Proposition de loi diskutéiert gëtt, passt bal kee méi op. Da gëtt geschwat a gemaach a gedoen.

(Interruptions diverses)

Ech hunn dat elo grad festgestallt. Ech hu wéi esou oft missen agräifen, awer ech si ganz gär d'accord fir dat op den nächsten Ordre du jour vun der Conférence des Présidents ze setzen, fir emol eng Kéier seriö doriwwer ze schwätzen. Souguer wann een net d'accord mat eppes ass, da kann een dat awer soen, well soss entsteet bei de Leit dobaussen den Androck, si kënnen zwar soe wat se wëllen, mä si hunn näischt ze soen.

Ech muss awer dobäi soen, et kommen och eng Partie Propositions de loi erëm. Den Här Bodson huet ëmmer gesot: „Si sinn zwar esou rar wéi e wäisse Kueb, mä et kommen awer periodesch Propositions de loi erëm a gi Gesetz“.

Mir huelen dat op den Ordre du jour vun enger vun eisen nächste Sitzungen, fir nach eng Kéier mat der Regierung doriwwer ze schwätzen.

D'Wuert huet elo de Kolleeg Lucien Lux.

M. Lucien Lux (LSAP) auteur.- Här President, d'Kollezialitéit mam Här Bettendorf verbitt mer eigentlech fir him mat borer Mënz déi Aussoen zrëckzebezuelen, déi hien zur Proposition vum Mindestloun gemaach huet an déi relativ peınlech waren. Ech mengen, wa mer vum Respekt vun der Regierung geschwat hu par rapport zu der parlamentarescher Initiativ, da wier et och vläicht noutwendeg, dass mer ënnerteneen dee Respekt hätten, fir bei Propositione vu Kolleegen net just heihinner ze kommen an d'Féiss drop ofzebotzen, mä se seriö ze huelen an net einfach hinne Populismus virzegeheien.

Ech wëll lech soen, Här Bettendorf, dass wann een iwwer Wielerpopulismus schwätzt, ee muss wëssen, dass bei de Mindestlounbezéier hei am Land eng ekrasant Majoritéit vun deene Leit, déi de Mindestloun bezéien, keng Lëtzebuerger sinn a kee Walrecht hunn. A wann ech mech fir déi asetzen, dann ass et mir wierklech egal ob dat Wieler sinn oder net, mä ech soen lech: E ganz groussen Deel vun deene si keng Wieler.

Wann een also op engem Gebitt engem kee Wielerpopulismus ka virwerfen, dann ass et engem Kolleeg, dee versicht zum Mindestloun Initiativen ze huelen, well en dovun iwwerzeegt ass, dass déi Leit och sollen en Deel vum Kuch matkréien.

Ech denken, dass Der dat ni méi sollt soen, well mir wëssen, dass wann ee Wielerpopulismus mécht, da këmmert ee sech léiwer ëm Statsbeamte wéi ëm Mindestlounëmfänger. Dat, léif Kolleeg vum der DP, wëll ech lech soen.

An ech muss doriwwer eraus soen, ech fannen et am héchste Mooss onseriö, dass mer an der zoustänneger Kommissioun, der Commission du Travail et de l'Emploi, iwwert de Mindestloun mat de Stëmme vun de Kolleeg vum der DP ofgestëmmt hunn, fir an de Rapport ze setzen, dass mer d'Regierung opfuerdere fir déi Proposition Lux zum Mindestloun den 1. Januar 2002 seriö ze huelen a se ze studéieren, fir se am Rahme vun der betriiblecher Steuerreform mat ze diskutéieren.

Wann dann do d'Kolleeg vum der DP matstëmme an dann heihinner kommen a mir an deemselwechten Zesummenhank Wielerpopulismus virwerfen, fannen ech dat am héchste Mooss onseriö.

Zum Kannergeld wëll ech just soen, dass wann ech d'Regierungserklärung kucken, sou steet an der Regierungserklärung vum Juni/Juli 1999: „Pour les partenaires de coalition la finalité essentielle des allocations familiales est d'accroître le revenu des familles et notamment des familles nombreuses. Dans ce contexte il est évident que les allocations familiales doivent être vues dans le cadre des transferts sociaux

en général et notamment en relation avec le système fiscal et les déductions fiscales pour familles“.

Kommt also net heihinner a sot, Dir géift eng nei Etüd maachen, well déi Etüd läit laang vir, wann am Juni 1999 d'Regierung expressis verbis an der Regierungserklärung festgehalten huet, fir eng Kombinatioun ze maachen tëschent de Steuererleichterungen an der Augmentatioun vum Kannergeld. Déi Décisioun ass deemools scho gefall. Sot eis also net: Mir musse waarden op eng Etüd.

Den Här Weiler huet eis elo grad gesot, dass alles prett wär, fir dass d'Regierung am Abrëll vun dësem Joer Décisiounen zum Kannergeld kann huelen. Ech weess also net vu watfir enger Etüd den Här Bettendorf schwätzt, wann alles virläit, fir Décisiounen ze huelen.

Ech mengen ofschléissend, mir sollten d'parlamentaresch Eegeninitiativ vu Kolleegen, egal vu watfir enger Säit, eescht huelen a se respektéieren. Ech wëll datselwecht soe wéi dat wat den Här Fayot gesot huet.

Ech hu mech an der Vergaangenheet bei där aler Regierung, Här Rippinger, och oft genuch opgereegt, dass do mat deemselwechte wéinege Seriö Respekt virun der parlamentarescher Initiativ war. Mir sinn eis doriwwer eens, dass dat net vill besser war. Wa Propositions de loi hei diskutéiert gi sinn, da waren déi Ministeren a Statssekretäre meeschtens och absent.

Mä dat ännert näischt drun, dass et dach awer kokass ass, dass Kannergelderhéijungen op CSV-Bezierkskongresser ugekënnegt ginn, a wann iwwert datselwecht hei diskutéiert gëtt, dass d'Regierung dann esou present ass wéi mer dat dohanne gesinn.

M. le Président.- Den Här Niki Bettendorf huet d'Wuert.

M. Niki Bettendorf (DP).- Ech wollt ganz einfach soen, dass den Här Lux sech net soll opreegen, wann e mengt, ech hätt seng Proposition e bëssen duerch den Dreck gezunn.

Ech muss ganz einfach soen, wann ech vu Populismus geschwat hu vu senger Säit, da fannen ech et op d'mannst iwwerraschend, dass wann am Koalitiouns- ofkommes steet, dass d'Kannergeld erhéicht gëtt an och wann de Premier et op engem Kongress annonciert huet, da weess all Mënsch et a wann dann een higeet an eng Proposition de loi mécht, da kann en dat maachen, mä Dir musst awer och déi aner verstoen, dass déi mat hiren Iddien net einfach virpreschen, mä zum richtege Moment ...

M. Lucien Lux (LSAP), auteur.- Dir kënnt eis dach net verbidden eis Aarbecht ze maachen. Wat soll dat do

dann? Elo gëtt et awer Zäit! Wat ass dat do fir e Quatsch!

(Interruptions diverses)

M. Niki Bettendorf (DP).- Am Kader vum Mindestloun wëll ech nach eppes soen. Ech stinn zu deem wat mer ausgemaach hunn, wat mer an der Kommissioun gesot hunn a wat mer an enger Motioun festgehalten hunn, nämlech dass mer nach dëst Joer am Kader vun de Steiererlichterunge vun 2002 iwwert de Mindestloun wäerte befannen.

M. Lucien Lux (LSAP), auteur.- Also ass et kee Wielerpopulismus! Wat ass et dann elo?

M. Niki Bettendorf (DP).- Dir sidd ganz einfach virun de Won gesprongen. Dir sidd schon am November virun de Won gesprongen. Do hat Der lech bal ugeschmiert, well den 1. Januar ass de Salaire social minimum an d'Luucht gaangen.

(Interruptions diverses)

M. Ben Fayot (LSAP).- Dir mengt vläicht d'Opposition soll doheim bleiwen a just d'Majoritéit dierf nach hei sinn!

(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)

M. Niki Bettendorf (DP).- Ma neen, Här Fayot.

M. Ben Fayot (LSAP).- Här President, pucht ons d'Paien ënnert der Dier eran, da bleiwe mir doheim!

M. Niki Bettendorf (DP).- Dat wat proposéiert ass gëtt souwisou gemaach. Dofir maacht lech keng Suerg.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Här President, just ee Wuert. Wann et ee Reproche gëtt, dee mer gär unhuelen an der Affär vun de soziale Begleetmoossnamen zu de Steiersenkungen, dann ass et deen, dass mer virun de Won sprangen. Mir waren nach ëmmer der Meinung, dass een, dee schnell hëlleft, duebel hëlleft.

D'Steiersenkunge sinn a Kraaft a mir stelle fest, dass d'Regierung sech vill méi Zäit léisst, fir d'sozial Begleetmoossnamen, wéi et eis léif ass a wéi et och de Leit um Terrain, déi Krämpes hu fir iwwert d'Ronnen ze kommen, léif ass.

Wann dat e Reproche ass, dass mer virun de Won lafen, dann huele mer dee ganz gären un. Ech mengen awer, dass de Reproche éischter zoutréfft, dass déi heite Regierung eng sozial Keelt weist wann et drëm geet fir deene méi kleng Leit entgéint ze kommen.

Ech soen lech merci.

M. Lucien Weiler (CSV).- Déiselwecht Zäitschinne wéi déi, déi 1991 virgesi waren, sinn och dës Kéier virge-

sinn. Liest no, wéi mer dat am Paquet social, dee mer deemools haten, gemaach hunn. Deen ass och net bei der Steierreform selwer a Kraaft getrueden, mä en ass an enger Zäitschinn vun zwee Joer a Kraaft getrueden. D'selwecht maache mer et dës Kéier.

(Interruptions diverses)

M. le Président.- Den Här Jaerling huet d'Wuert gefrot.

M. Aly Jaerling (ADR).- Här Di Bartolomeo, ech wollt mech jo heizou net äusseren, mä wann Der vu schnell schwätzt, da froen ech: Wat nennt Der schnell, wann Der no 15 Joer endlech reagiert am Rahme vum Mindestloun?

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Dir hutt eng Geleeënheet verpasst fir eng Dommheet net ze soen!

M. le Président.- Dir Dammen an Dir Hären. Domat wier dee Punkt ofgeschloss. Ech wëll nach drop hiweisen, dass ech Uweisung ginn hunn, fir d'nächst Woch dee Punkt op den Ordre du jour ze setzen, wat d'Propositions de loi ubelaangt, an dass mer eis wäerten dofir asetzen, dass an Zukunft d'Regierung soll dobäi vertratt sinn, fir dozou Stellung ze huelen.

Elo komme mer zur Motioun 12 iwwert d'Schafung vun enger Université pédagogique hei zu Lëtzebuerg. Dës Motioun, déi den Här Garcia am Kader vu senger Interpellatioun iwwert de Contenu vun den öffentliche Schoulen déposéiert hat, war op Décisioun vun der Chamber an d'Commission de l'Enseignement supérieur verwise ginn.

Et hu sech schon ageschriwwen: d'Mme Stein, den Här Fayot an d'Mme Durdu.

D'Wuert kritt elo den Här Robert Garcia als Auteur, fir seng Motioun ze erklären.

Den Här Garcia huet d'Wuert.

7. Interpellation de M. Robert Garcia sur les réformes du contenu de l'école publique luxembourgeoise (Suite)

Motion 12 de M. Robert Garcia relative à la création d'une université pédagogique

M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG), interpellateur.- Merci, Här President, dass ech nach dierf zu menger Motioun Stellung huelen. Ech wollt nach de Lien maache mat der Proposition de loi an ech wollt soen, dass ech viru 14 Deeg um Radio gehéiert hunn, d'Regierung hätt Stellung geholl zu menger Proposition de loi iwwert d'Kantinnen. Ech hunn och Kollegen, déi en Text do gesinn hunn. Ech als Auteur hunn nach keen Text vun der Regierung gesinn no 14 Deeg wou si Stellung geholl huet zu menger Proposi-